N°6949
Entrée le 03.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 03.10.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/10/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Interieur & Justiz weiderzeleeden.**

D'Plattform Airbnb ass viru Joren duerch d'Iddi vun der "sharing economy" bekannt ginn, wou et u sech sollt drëm goen, dass een säin Eegentum mat aneren deelt. Dëse Geschäftsmodell ënnerscheet sech awer – Stand haut – net méi vun anere Vermëttlungsplattformen, iwwert déi Proprietären hir Wunnengen un aner Persoune verloune kënnen.

D'Locatiounen op Airbnb dauere meeschtens nëmmen e puer Wochen oder Méint. Mir gouf ee Fall zougedroen, bei deem eng Persoun, déi eng Wunneng iwwer Airbnb gelount huet, probéiert huet sech op enger Gemeng unzemellen. Dës Demande gouf vun der Gemeng refuséiert. D'Persoun huet dunn een Airbnb an enger zweeter Gemeng gebucht, déi där et dunn awer geklappt huet: d'Persoun krut d'Residence.

Airbnb ass haut a verschiddenen europäesche Stied vill dofir bekannt, dass se duerch legal Grozonen d'Wunn- an d'Tourismusgesetzer aushielegt an d'Konditiounen um Wunnmarché fir vill Leit verschäerft huet. Falls et méiglech ass, dass Persounen sech iwwert Airbnb hei am Land kënnen umellen, besteet de Risiko, dass déi lëtzebuergesch Mietgesetzer kéinten ëmgaange ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Si Kontrakter op Airbnb gläichzesetze mat engem normale Mietvertrag?
2. Kann eng Persoun, déi eng Wunneng iwwer Airbnb lount, sech op enger Gemeng hei am Land umellen?
   Falls jo, wéi eng Konditiounen mussen dofir respektéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député